PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

Op zdf.de beriicht een Artikel vum 29te September, dass op e puer Platzen an Däitschland d'Noutruffnummeren net méi iwwert d'Mobilfunknetz konnten erreecht ginn. D'Pann ass direkt op e puer Platzen opgetrueden. Iwwert d'Grënn vun der Pann wollte weder d'Mobilfunkbedreiwer, nach d'Autoritéiten eng Angab maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass ee bei de Rettungsdéngschter um Courant vun där Pann an eisem Nopeschland an ass een am Austausch mat den däitschen Autoritéiten, fir d'Ursaache vun der Pann gewuer ze ginn?

2. Kann ausgeschloss ginn, dass dëse Problem och zu Lëtzebuerg kéint optauchen?

3. Wéi eng technesch Sécherheetsmoossname ginn hei am Land agesat, fir dass et net zu esou engem Ausfall kéint kommen?

4. Existéieren nieft de klasseschen Noutruffnummeren nach aner Nummeren, déi am Fall vun engem Ausfall kéinte fir een Noutruff benotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député